N°1443
Entrée le 29.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.10.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Oktober 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verdeedegungsministesch weiderzeleeden.

Den Déngscht an der Arméi erfuerdert net nëmmen eng héichwäerteg Ausbildung an eng gutt physesch Gesondheet, mee och eng stabil psychologesch Verfaassung. Besonnesch den Ëmgang mat déidleche Waffen, Auslandsmissiounen a komplex Familljesituatiounen opgrond vum Déngscht an der Arméi kënnen hei eng Erausfuerderung stellen. Dofir spillt e psychologeschen Encadrement eng zentral Roll fir d'Zaldote wärend an no hirem Déngscht ze begleeden.

An deem Kontext géing ech der Madamm Verdeedegungsministesch follgend Froe stellen:

– Wéi vill Psychologe schaffen am Moment an der Lëtzebuerger Arméi?
– Wéi vill Zaldoten hunn an de leschte fënnef Joer eng psychologesch Ënnerstëtzung kritt?
– A wéi wäit kënne Familljemembere vun Zaldoten de psychologesche Service vun der Arméi an Usproch huelen?
– Wat sinn d'Prozedure fir en Zaldot fir e Psycholog ze kréien? Geschitt dat op Initiativ vum Zaldot oder op Recommandatioun vu Virgesetzten?
– Gëtt et eng Verpflichtung e Psycholog virun, wärend oder no engem Deploiement ze consultéieren?
– Wéi eng präventiv Moossname goufen agesat fir dat psychologescht Wuelbefanne vun den Zaldoten ze garantéieren?
– Gëtt et Situatiounen an deenen e psychologescht Encadrement obligatoresch ass?
– Op wéi enger Basis gëtt de Besoin vu psychologeschem Staff evaluéiert? Wéi huet d'Arméi an de leschten 20 Joer determinéiert wéi eng Besoinen d'Struktur u psychologeschem Support huet a wat fir Moyenen et bräicht, fir dem Besoin gerecht ze ginn? Ass et dozou schonn eng kéier eng Etude ginn?



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

- Sinn an noer Zukunft Rekrutementer vu psychologeschem Support fir d’Arméi virgesinn? Wa jo, wéi vill a wéi eng (Neuropsychologen, Psychiater, Verhalenstherapeuten etc.)?
- Wéi gedenkt d‘Madamm Ministesch déi mental Gesondheet vun eiser Arméi an Zukunft adequat ze encadréieren?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu